# Parbréif

fir d'Par
**Äischdall-Helpert**
**St. Willibrord**

Wochen vum 9. Dezember 2024 bis de 19. Januar 2025

N° 7/24 – Jg 8




# Chrëschtdag 2024


LIU·JO
GUESS
LA MARTINA
TRUSSARDI
FRED PERRY
LACOSTE
MEPHISTO
Timberland
NeroGiardini
GEOX
TED BAKER
LONDON
AERONAUTICA MILITARE
MK
MICHAEL KORS
www.maxpoint.lu
13 Rue d'Arlon L-8399 Windhof
Tél : 39 93 61
Nonnemillen Center
121 Route de Luxembourg L-6562 Echternach
Tél : 26 72 08 90
bratex.lu

St. Willibrord Äischdall-Helpert

## Pastoralekipp
## Equipe pastorale

---

# Parzenter – Centre paroissial

**61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH**

**☎ 20 80 02 60  aischdall-helpert@cathol.lu**

**Bürosstonnen:**
freides vun 13 bis 17 Auer

(oder iwwer Email oder op Rendez-Vous)

Abbé **Joël Santer**, Paschtouer ☎ 26610403 joel.santer@cathol.lu
Abbé **Jos Halsdorf**, Diakon ☎ 20800260 jos.halsdorf@cathol.lu

**Telefon am Noutfall: ☎ 621966429**
z.B. bei engem Stierwfall, baussent de Bürostonnen.

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:
**3. Januar 2025 um 12 Auer!**

Parbréif 7/24 gët an enger Oploo vun 700 Stéck gedréckt.
www.gemeindebriefdruckerei.de (verwendetes Papier aus nachhaltiger Forstwirtschaft)

De nächste Parbréif N° 1/25 geet vum 20. Januar bis den 2. Märze 2025

**Impressum:**
Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord"
61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

**https://cathol.lu/aischdall-helpert**

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

# Zesummen mat alle bénévole Mataarbechter/innen, wënsche mir lech an Äre Familljen ee schéint, friddlecht a rouegt Chrëschtfest, an eng gudd Gesondheet, souwéi dem Härgott säi räichste Seegen fir d'Joer 2025

## Är Pastoralekipp:

## Abbé Joël Santer, Paschtouer & Abbé Jos Halsdorf, Diakon



D'Biisser Kierch an der Chrëschtzäit d'lescht Joer (Foto: J. Santer)

# Gloria in excelsis Deo – et in terra pax hominibus

*Gedanken zum Joreswiessel*

D'Feierdeeg komme méi no: Chrëschtdag an de Joreswiessel. Bei all deem, wat ech dëst Joer erliewt hunn, koum mer beim Schreiwen vun dësen Zeilen déi éischt Zeilen vum Gloriagesang an de Kapp: „Gloria in excelsis Deo – et in terra pax hominibus bonae voluntatis" – „Éier dem Härgott am Himmel – a Fridd de Mënschen op der Äerd, déi gudde Wëllens sinn." Wierder, déi mer esou oft bieden a sangen.

„Éier dem Härgott am Himmel", esou hunn d'Engelen bei den Hierden um Feld gesongen, nodeems Gott als Mënsch gebuer gouf. Jo, als gleeweg Chrëschten solle mer op den Härgott higeuerdnet sinn. All eist Liewen, eist Schaffen soll him Éier maachen an Éier erweisen. Duerfir ass jo och eist Zesummeliewen an der Par wichteg: et soll dem Härgott all Éier erweisen. An do si mer all zesumme gefuerdert.

„… a Fridd de Mënschen op der Äerd, déi gudde Wëllens sinn." Wa mer eis Welt kucken, sou ass de Wonsch no Fridden allgéigewäerteg. Wann de Wonsch do ass, firwat klappt dat da nët esou richteg? Firwat d'Kricher an der Welt, firwat déi Aggressivitéit ënnert de Leit? Eng Feststellung, déi mir Dag fir Dag maachen.

A grad an dëser onroueger Zäit sti mir mattendrann. An do si mir Chrëschten opgeruff, matzeschaffen um Fridden. Viraussetzung ass, mir wëllen dat och! De Fridden, de richtege Fridden! Do spillt d'Kollektivitéit eng grouss Roll: eng Gesellschaft fonktionnéiert nëmmen, wann den Eenzelnen matschafft, sech ustrengt fir datt de Fridden och Wierklechkeet gëtt. An dat fänkt nët beim Nooper u, mä bei mir selwer.

Dëst Chrëschtfest an och d’Feierdeeg zum Joreswiessel invitéieren eis, fir datt mer eis op grad dës Wäerter besënnen. Mir däerfen nët nëmmen dovunner schwätzen, mir mussen eis de bewosst ginn, datt mer alleguerten dozou bäidroë kënnen, um dauerhafte Fridden ze schaffen. Duerfir wëll ech och deene Leit Merci soën, déi all mëttwochs owes an der Bricher Parkiech – an doriwwer eraus - fir de Fridde bieden – dee Fridden, dee vun dësem Jesus Christus kënnt, vun deem mer an der Chrëschtzäit sangen: „Fridde kënnt an d’Welt. Wuer säi Liicht hifällt.“ A säi Liicht fällt grad op d’Chrëschten an op déi, déi an der Nofolleg vun dësem Jesus Christus goë wëllen.

Notze mer dës schéin, heemlech a friddlech Zäit, wou alles méi lues leeft, doheem, an eiser Famill, an eisem Frëndes- a Bekaantekrees. Versiche mer, bei eis unzefänken, Fridden ze stëften, andeems mer d‘ Aggressivitéit ofleeën, fir am Respekt an Tolernaz openaner ze lauschteren, versichen deen aneren ze verstoën (dat wëll jo och d’Synode eis léieren). Fir Verstoën ze kënnen, muss een am Dialog sinn a mat Argumenter operéieren. Firwat denkt deen aneren esou? Firwat handelt hiën esou? Dës Openheet musse mer léieren, a genau dat huet d’Synod jo versicht: léieren, openee ze lauschteren.

Versiche mer, dës Haltung och an dat neit Joer mat eriwwer ze huelen. Vertraue mer dem Härgott dëse Fridden un: well do, wou mir un eis Grenze stoussen, do mecht hiën dës Grenzen op. Hië mecht méiglech, wat fir äis onméiglech ass.

An dësem Sënn wënschen ech Iech an Ärer Famill ee geseentene Chrëschtdag, eng gudd Gesondheet a vill Gléck fir dat neit Joer 2025, ee Joer voller Fridden!

Abbé Joël Santer
Paschtouer

Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique
KIERCHEFONG

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# Conseil de la gestion paroissiale (CGP09)

Luxemburg, den 13. November 2024

Sehr geehrte Pfarrmitglieder,

Am Ende des Jahres 2024 möchten wir einen kurzen Rückblick auf das ablaufende Jahr und eine Vorausschau auf das kommende Jahr vornehmen.

Der CGP09 ist verantwortlich für das Instandhalten und das Verwalten des Pfarrvermögens sowie die Zahlung der Kosten für den Unterhalt der benutzten Kirchen. Per 31. Oktober belaufen sich die Einnahmen unserer Pfarrei auf 341.440,00 € und die Ausgaben auf 176.590,00 €.

Ordentliche Einnahmen (142.340,00 €) und außerordentliche Einnahmen (199.100,00 €).

| | | |
|---|---|---|
| - | Spenden | 21.561,00 € |
| - | Opfergeld | 27.150,00 € |
| - | Messen | 10.690,00 € |
| - | Mieten und Pacht | 67.120,00 € |
| - | Zinsen netto | 11.990,00 € |
| - | Veräußerungsgewinn | 199.100,00 € |
| - | Verschiedenes | 3.829,00 € |
| | **Total Einnahmen:** | **341.440,00 €** |
| - | | |
| - | Gehälter | 21.953,00 € |
| - | Verwaltungsaufwand | 37.291,00 € |

| | | |
|---|---|---|
| - | Mieten, Pfarrzenter und Kirchen mit Unkosten | 98.782,00 € |
| - | Kerzen, Pfarrblatt, Bücher, etc | 18.833,00 € |
| | **Total Ausgaben:** | **176.859,00 €** |

Es ist zu bemerken, dass die ordentlichen Einnahmen (142.340,00 €) die laufenden Kosten der Pfarrei (176.859,00 €) nicht decken.

Die Kirchen in Bruch, in Roodt/Eisch und die Wobergkapelle in Bissen sind Eigentum des Kirchenfonds. Alle anderen Gebäude gehören den verschiedenen Gemeinden.

Wir haben bereits mehrmals erwähnt, dass die praktizierenden Christen in unseren Ortschaften eine äußerst geringe Anzahl sind, und aus diesem Grund haben wir uns veranlasst gesehen, mit den Gemeinden über die Unkosten der gemieteten Gebäude zu sprechen.

Nicht bei allen Gemeinden sind wir auf ein offenes Ohr gestoßen aber da, wo man Verständnis aufgebracht hat und uns Gehör geschenkt hat, sind wir doch unserem Ziel einer Verringerung der Kosten nähergekommen. So haben wir mit der Gemeinde Habscht ab dem kommenden Jahr für die Kirchen in Eischen und Simmern eine Vereinbarung getroffen, laut derer wir ab 2025 der Gemeinde für die Kirchen in Eischen und Simmern eine pauschale Miete pro Tag, an dem wir diese Kirchen benutzen, zahlen. Mit diesem pauschalen Betrag decken wir sämtliche Unkosten für die Nutzung dieser Kirchen an einem bestimmten Tag ab. Wir brauchen lediglich diese Kirchen nach, resp. vor der Nutzung zu reinigen. Die Kirche in Roodt/Eisch (Eigentum des Kirchenfonds) wird in der Regel nur einmal im Monat während des Sommersemesters benutzt, wobei die Kirche in Hobscheid ab 2025 als einzige reguläre Kirche in der Gemeinde Habscht weiter ganz von uns gemietet und finanziert wird, wo in Zukunft – mit Absprache des Pastoralrates der Pfarrei – die regulären Gottesdienste für die Gemeinde Habscht gefeiert werden. Die anderen Kirchen (Eischen und Simmern) werden weiterhin auf Anfrage benutzt für Taufen, Hochzeiten,

Begräbnismessen, Kasualgottesdienste und eventuell gewünschte Werktagsmessen, sofern die Antragsteller gewillt sind, die 100,00 € Unkosten zu zahlen. Auch die Kirmesmessen werden in den betreffenden Kirchen abgehalten. (Außerdem wird in Eischen ab Frühsommer (wenn das Altenheim öffnet) jede Woche eine heilige Messe daselbst gefeiert). Da wir pro Tag, an dem wir die Kirche benutzen, 100 € zahlen müssen, versuchen wir, die Nutzung relativ gering zu halten (nicht dass die Unkosten explodieren). Nur so können sämtliche Kirchen mittelfristig erhalten bleiben, da wir finanziell nicht genügend unterstützt werden. Wenn sich wieder mehr Gläubige einfinden, können wir jederzeit die Kirchen wieder in vollem Umfang nutzen.

In der Gemeinde Saeul funktionniert die Heizung seit langer Zeit nicht mehr. Auch, wenn die Gemeinde bereit ist, uns Heizstrahler zur Verfügung zu stellen, ist es unmöglich, einen Gottesdienst in den Wintermonaten in dieser Kirche abzuhalten und wir daher keine Gottesdienste oder andere kirchliche Feiern in Saeul abhalten werden, bis das leidige Problem einer voll funktionsfähigen Heizung gewährleistet ist.

Aufgrund der Feuchtigkeit, die im Gebäude vorherrscht, hat sich in der Zwischenzeit auch Schimmel entwickelt, was bei einer Kirche dieses Bauwerkes ohne Heizung nicht zu verhindern ist. Wir danken der Gemeinde Saeul, die die Kosten für Heizung und Elektrisch der Basilika ab dem 1. Mai 2023 zu 75% übernimmt.

Wir hoffen, im kommenden Jahr eine Lösung mit der Gemeinde zu finden, welche die Abfindung einer uns zustehenden Entschädigung regelt, die sich aus einem Vertrag vom 9. Februar 1989 ergibt. Der Mietvertrag mit der Kapelle in Kalmus läuft Ende März 2025 ab. Demzufolge werden wir uns ab April 2025 nicht mehr mit den unerklärlichen Heizkosten dieser Kapelle zu befassen haben. Die Entweihung dieser Kapelle wird beantragt, so dass die Gemeinde Saeul frei über dieses Gebäude verfügen kann.

In der Gemeinde Bissen mieten wir die Kirche in Bissen, die Wobergkapelle ist, wie bereits erwähnt, Besitz des Kirchenfonds. Momentan steht das Dach der Kapelle zu erneuern an, und dank einer großzügigen Spende konnte die Kapelle frisch angestrichen werden. Was die Kirche in Bissen betrifft, tut sich die Gemeinde schwer, uns ihre konkreten Absichten über den Kauf des Grundstückes, das um die Kirche verläuft und das dem Kirchenfonds gehört, mitzuteilen. Seit längerem wird dieses Grundstück, ohne jemals unser Einverständnis erhalten zu haben, für das öffentliche Parken benutzt und daher wäre es angebracht, dass die Gemeinde nun endlich ein Angebot machen würde, um dieses Grundstück zu erwerben.

Auch müssten wir mit der Gemeinde eine Übereinkunft finden bezüglich der Entschädigung für die Räumlichkeiten, die uns laut Notarvertrag vom 21. April 2004 als Nieβbrauch zur Verfügung stehen. Auch diesbezüglich kennen wir die Vorstellungen der Gemeinde nicht und, wir hoffen, dass wir im laufenden Jahr auch in diesem Punkt Fortschritte machen können.

In der Gemeinde Helperknapp gehört die Pfarrkirche in Bruch dem Kierchefong, und wir tragen sämtliche Kosten dieses Gebäudes. Die Kirchen in Buschdorf, Böwingen/Attert, Tüntingen und die Kapelle auf Helperknapp sind gemietet. Da wir auch wenige praktizierende Gläubige in Böwingen/Attert haben, stellt sich die Frage ob wir, trotz der Spenden für diese Kirchen, beim Ablaufen des Mietvertrages letzteren noch einmal erneuern würden. In der Tat sind die Heizungs- und Putzkosten, etc. für die Kirche in Böwingen viel zu hoch in Anbetracht der wenigen Leute, die am Gottesdienst teilnehmen. Letztere Bemerkung würde grundsätzlich auch zutreffen für die Kirchen in Tüntingen und Buschdorf, würden wir nicht für diese Gebäude großzügige Spenden aus den jeweiligen Dörfern bekommen, was uns ermöglicht, trotz der hohen Kosten, diese Gebäude bis auf Weiteres zu nutzen.

Hinzu kommt, dass die Gemeinde Helperknapp den Werterhalt all dieser Gebäude als funktionierende Gebäude erkannt und sich bereit erklärt hat (bereits 2023), uns eine finanzielle Unterstützung beim Heizen dieser

Gebäude zu gewährleisten. Auch möchten wir bei dieser Gelegenheit der Gemeinde danken, dass sie wieder die Strahler angebracht hat, um unsere wunderschöne Pfarrkirche zu beleuchten. Letztere waren bei den umfangreichen Straßenarbeiten der letzten Jahre abgeschafft worden.

In Absprache mit dem Pastoralrat wurde beschlossen, die Kirchen in Bissen, Bruch und Hobscheid für die regulären Sonn- und Feiertagsmessen zu nutzen. Alle anderen Kirchen können auch weiterhin benutzt werden (Taufen, Hochzeiten, Begräbnismessen, Werktagsmessen) bei Anfrage und wenn die Antragsteller bereit sind, die 100 € Unkosten zusätzlich zu den normalen Gebühren zu tragen. Nur so können wir langfristig den Erhalt unserer Gotteshäuser garantieren. Anderenfalls stehen die Kirchen in Bissen, Bruch und Hobscheid selbstverständlich ohne Entgelt zur Verfügung.

Liebe Mitchristen, wie Sie sehen, ist es nicht sehr einfach, diese materiellen Probleme mit den verschiedenen Gemeinden zufriedenstellend zu lösen. Wir sind aber gewillt, die erwähnten Probleme, welche sich durch Verträge aus der Vergangenheit ergeben haben, im Interesse beider Parteien zu lösen, damit die Trennung von Kirche und Staat auch in Bezug auf diese bestehenden Probleme vollzogen und abgeschlossen werden kann.

Wir hatten des Öfteren mitgeteilt, dass sich quasi keine ehrenamtlichen Mitarbeiter in den für die Belange der Kirchen betreffenden Dörfern finden lassen. Das ist bedauerlich, aber eine Tatsache. Das Vermögen der ehemaligen Kirchenfabriken und des CGP ist Teil des Gesamtvermögens des Kirchenfonds. Der Kirchenfonds ist professionell aufgebaut und kann auf ein Team von Experten (Finanzfachleute, Juristen, Immobilienagenten) zurückgreifen. Wir haben innerhalb des CGP festgestellt, dass wir, aufgrund der Zusammensetzung der Pfarrei, übergreifend auf drei Gemeinden in vielen Dörfern und historisch bedachter Partikularinteressen es nicht immer einfach haben, um rationelle Entscheidungen schnell zu finden und umzusetzen. Da unsere Pfarrei ein Teil der Luxemburgischen Erzdiözese und das Vermögen der Pfarrei ein Teil des Vermögens des Kirchenfonds ist

und wir uns bewusst sind, dass das Vermögen sämtlicher Pfarreien des Landes effizient eingesetzt werden muβ, damit die Luxemburgische Kirche ihre beschränkten finanziellen Mittel optimal im Sinne unseres Erzbischofs heute einsetzen kann, haben wir uns entschlossen, als CGP, einen Mandatsvertrag mit der CCA (Cellule de Coordination et d'Assistance) des Kirchenfonds abzuschließen betreffend die Verwaltung des Grund- und Bodenvermögen der Pfarrei sowie der Finanzen. Aufgrund dieses Vertrages verwaltet der CCA ab dem 1. November 2024 das Vermögen der Pfarrei treuhänderisch. Dieser Vertrag sieht vor, dass der Mandatsträger die Ermessensverwaltung des Pfarrvermögen machen kann. Der CGP wird einmal pro Jahr über die Zusammensetzung des Pfarrvermögens informiert und kann nach Ablauf der Vertragsdauer entweder den Vertrag erneuern oder kündigen; dann würde der CGP die Vermögenskonstellation der Pfarrei in der dann bestehenden Konstellation zurück übernehmen.

Wir denken, dass diese Entscheidung im Interesse der Luxemburgischen Kirche und unserer Pfarrei ist, da das professionelle Team des Kirchenfonds mit Sicherheit eine wirksamere Verwaltung unseres Vermögens erbringen kann.

Liebe Mitchristen, im zu Ende gehenden Jahr haben wir diverse wichtige Entscheidungen betreffend unserer benutzten Kirchen sowie die Verwaltung unseres Vermögens getroffen. Wir sind zuversichtlich, dass wir die notwendigen Entscheidungen im richtigen Augenblick getroffen haben und hoffen, dass wir damit einen ersten Schritt für die zukünftige Verwaltung des Vermögens der Erzdiözese in Luxemburg leisten konnten.

Wir wünschen Ihnen frohe und gesegnete Weihnachten und ein gesundes und friedliches Jahr 2025.



für den CGP09:

Claude Faber, Präsident

Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique
KIERCHEFONG

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# Deliberatioun

## iwwert d'Konventiounen vum Kierchefong mat der Gemeng Habscht

A senger Versammlung vum 30. September 2024 huet de CGP09 iwwer déi nei Konventiounen tëschent der Gemeng Habscht an dem CGP09 berooden, betreffend d'Kierchen vun Äischen, Habscht a Simmer:

- Den aktuellen Finanzement vun deenen dräi gelounte Kierchen ass kuerzfristeg fir d'FE028 (Gemengekierchefabrick Habscht) nët ze stemmen, duerfir dës nei Konventiounen;
- Nodeems de CGP09 déi néideg Erlaabnis beim CCA vum Kierchefong a vum Bistum gefroot huet;
- Nodeems de CGP09 de CPP (Pastoralrot) vun eiser Par gelauschtert huet an zur Kenntnis hëllt, datt eis Kierchen relativ schwaach besicht sinn;

huet de CGP09 beschloss, dës **nei Konventiounen unzehuelen**, fir d'Erhaalen an de Finanzement vun deenen dräi Kierchen vun Äischen, Habscht a Simmer ze erméiglechen.

Konkret heescht daat:

1. Ab dem 1. Januar 2025 gëtt déi Habschter Kierch (déi weiderhinn regulär gelount a finanzéiert gëtt) benotzt, fir déi normal Sonndesgottesdéngschter an der Habschter Gemeng ze assuréieren an d'Glawensliewen esou an dëser Gemeng ze

förderen. Doduercher erhoffe mer och, datt eng fest Communautéit sech bilde kann.

2. D'Kierchen vun Äischen a vu Simmer ginn temporär gelount, d.h. fir deen Dag, wou eng reliéis Aktivitléit stattfënnt, gëtt ee pauschale Betrag vun 100 € pro Dag un d'Gemeng bezuelt (onofhängeg vun de reeëlle Fraisen).
3. Och weiderhinn ginn Dafen, Hochzäiten, Begriefnisser an och Wiertesmassen (op Ufro hinn) an dëse Kierche gefeiert, wann den Demandeur bereet ass, den Onkäschtebäitrag vun 100 € ze bezuelen, fir datt eis Fraisën fir deen Dag och gedeckt ginn. Och d'Kiermesmassen ginn weiderhinn assuréiert.
4. Och ausserhalb deenen Deeg, déi beim Punkt 3 beschriwwe sinn, bleiwen d'Kierchen Gotteshaiser (sinn se jo duerch hier Kierchwei) a sinn de ganzen Dag op, fir dass déi Gleeweg individuell bieden an Käerzen ufänke kënnen. Just: fir dës Deeg gi keng Onkäschten bezuelt! Och dës Deeg bleiwen eis Kierchen Gotteshaiser, wat se vun der Natur aus duerch hier Konsekratioun jo och sinn! Duerfir ginn all Aktivitéite mam Paschtouer ofgeschwat.

Dës Konventiounen erméiglechen äis, eis Dépensen an de Grëff ze kréien, an eis Kierchen laangfristeg ze haalen (wat mat deenen ale Konventiounen nët garantéiert war).

A wann d'Zuel vun de Gleewegen explodéiere sollt (an d'Finanzen och), kënne mer zu all Zäit erëm zum ale Modus vun de Konventiouen zréckkommen,

Bruch, den 12. November 2024

fir de CGP09

Claude Faber, President

Gérard Wester, Sekretär

# Gottesdéngschtuerdnung

## fir d'Wochen vum 9. Dezember 2024 bis den 19. Januar 2025

Méindeg, 09.12.24 **Héichfest vun der Gottesmamm Maria, ouni Ierfsënd empfaangen (Immaculata)**

09:00 **Téinten:** Festmass fir Henri Duscherer.

Dënschdeg, 10.12.24 (Muttergottes vu Loreto)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Stëftung zur Éier vun der Immaculata, fir d'Verstuerwen vun de Familljen Santer, Kerg, Liefgen an Habscheid.

Mëttwoch, 11.12.24 (Hl. Damasus I., +384)

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

18:00 **Bruch/Parzenter:** Gesangprouw fir d'Kanner an hier Elteren.

Donneschdeg, 12.12.24 (Muttergottes vu Guadalupe)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass fir Ben Schaaf.

Freideg, 13.12.24 (Hl. Luzia, +ëm 305 / Hl. Odilia, +720)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M121).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 14.12.24 Hl. Johannes vum Kräiz, +1591

09:00 **Bruch/Parzenter:** CATE-Ko (Éischtkommiounsunterrecht).

14:30 **Bruch/Parzenter:** CATE-Bambini.

14:30 **Bruch/Parzenter:** CATE-1.

16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet (bis 17 Auer).

# 3. Sonndeg am Advent C

Samschdeg, 14.12.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Aloyse a Pauline Assa-Wagner / fir Jean Klos a Famill / fir Irène Menezes a Famill / fir Nikolaus a Gertrud Haas-Biewer a Marie-Josée Welter-Schroeder.



Sonndeg, 15.12.24

09:00 **Simmer:** Gemeinschaftsmass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Ries (Ka).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch:** Kannermass op Meenung (M122).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir de Finanzement vun eise Kierchen an eiser Par!*

Méindeg, 16.12.24

09:00 **Lëtzebuerg/Centre Jean XXIII:** Bëschofsmass fir de Priesterrot.

Dënschdeg, 17.12.24 **Yolanda vu Veianen, +1283**

Priorin am Dominikanerinneklouschter Märjendall

Niewepatréinesch vun eiser Par

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass zur Éier vun der Yolanda, fir Chanoine Georges Vuillermoz.

Mëttwoch, 18.12.24 7. Dag viru Chrëschtdag

09:00 **Bruch:** Danksagungsmass fir de 25. Joresdag vun der Diakonewei vum Här Paschtouer.

17:30 **Bruch:** Rousekranz fir de Fridden an der Welt.

18:00 **Bruch/Parzenter:** Gesangprouw fir d'Kanner an hier Elteren.

Donneschdeg, 19.12.24 6. Dag viru Chrëschtdag

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass **– mat Feier vun der Krankesalbung –** fir Betty Schmitz-Wallers.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

Freideg, 20.12.24 5. Dag viru Chrëschtdag

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir de Pater Albert Huberty scj. Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 21.12.24 4. Dag viru Chrëschtdag

15:00 **Habscht:** Beichtgeleeënheet viru Chrëschtdag (bis 16:00 Auer).

17:00 **Biissen:** Beichtgeleeënheet viru Chrëschtdag (bis 18:00 Auer).

# Krankekommioun

Gären kommen den Här Paschtouer an den Här Diakon
eis Krank an eeler Leit heem besichen.
W.e.g. umellen am Parsekretariat, Tel.: 20 80 02 60.

# 4. Sonndeg am Advent C

Samschdeg, 21.12.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Joermass fir Albertine Straus-Geisen / fir Alfred an Henriette Bertemes-Thilmany / fir d'Verstuerwen vun de Familljen Geisen-Decker a Straus-Houdremont / fir Nic a Marguerite Krettels-Ferber.



Sonndeg, 22.12.24 3. Dag viru Chrëschtdag

09:00 **Äischen:** Gemeinschaftsmass fir Ernest an Anna Fack-Mertz a fir Emma a Mathias Nilles-Haupert.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir dléi Liewend a Verstuerwen vun der Famill Ries-Kraemer.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir d'Aufgaben vum Poopst am Déngscht vun der Weltkierch!*

Méindeg, 23.12.24 2. Dag viru Chrëschtdag

09:00 **Téinten:** Mass fir d'Verstuerwen vun der Famill Duscherer-Glod.

17:00 **Bruch:** Beichtgeleeënheet viru Chrëschtdag (bis 18:00 Auer).

# Chrëschtdag C

## Héichfest vun der Gebuert vum Jesus

Dënschdeg, 24.12.24 **Hellger Owend**

17:00 **Habscht: Chrëschtmass um Hellger Owend** (Virowendmass) op Meenung (HD).

20:00 **Biissen: Chrëschtmass an der Hellger Nuecht** (Gebuertsmass) fir Jos Kesseler / fir d'Verstuerwen vun der Famill Kesseler-Flammang / fir d'Verstuerwen vun der Famill Glaesener-Elsen.

22:30 **Bruch:** Gesanglech a musikalesch Astëmmung an d'Helleg Nuecht mat der „Chorale Ste-Cécile Sëll" an der „Sëller Musek".

23:00 **Bruch: Chrëschtmass an der Hellger Nuecht, gefeiert bei Käerzeschäin** (Gebuertsmass) op Meenung (M123).

Mëttwoch, 25.12.24 **Chrëschtdag**

09:00 **Simmer: Chrëschtmass** (Hierdemass) als 6. Wochemass fir Yvonne Noesen-Ries / fir Anita Ries-Gregorius.

10:30 **Bruch: Chrëschtmass** (Dagesmass) als Houmass op Meenung fir d'Par / fir Anna Bausch-Pütz / fir Jean Milmeister / fir Paul a Lotty Weirich a fir Jean a Sylvette Derudder.

17:30 **Bruch: Chrëschtkannermass** (mir sange bekannte Chrëschtlidder) fir d'Verstuerwen vun der Famill Santer-Liefgen a fir Abbé Paul Emeringer.

**No der Mass ginn d'Kanner virun der Krëpp geseent.**

*Kollekt fir de Finanzement vun eise Kierchen an eiser Par!*



Nur eine Krippe in dieser Welt!
Birgt sie doch alles
Was uns trägt und hält
Zeugnis des Glaubens
In dieser Welt.

Nur eine Krippe in dieser Welt!
In ihr liegt der Heiland
Der Christenheit Held
Zu uns gesandt
In diese Welt.

Nur eine Krippe in dieser Welt!
Frohe Botschaft
Die unser Leben erhellt
Schenkt sie uns Hoffnung
In dieser Welt.

Nur eine Krippe in dieser Welt!
Verheißt uns die Rettung
So sind wir bestellt
Die Schöpfung zu achten
In dieser Welt.

Nur eine Krippe in dieser Welt!
Der Stern der uns leitet
Erstrahlt am Himmelszelt
Bis wir daheim sind
In SEINER Welt.

*Barbara Mendes, In:*
*Pfarrbriefservice.de*

# Fest vum hellege Stephanus
## (Stiefesdag)
Haaptpatréiner vun der Kierch vu Biissen

Donneschdeg, 26.12.24

09:00 **Bëschdref:** Feierlech **Chrëschtmass** fir Felix a Josephine Kugener.

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park“:** Feierlech **Chrëschtmass** op Meenung (M124).

*Kollekt fir de Finanzement vun eise Kierchen an eiser Par!*



Statue vum hellege Stephanus um Héichaltoer an der Kierch zu Biissen (Foto: J. Santer)

Freideg, 27.12.24 **Fest vum hellegen Apostel Johannes**

Niewepatréiner vun der Kierch vu Bëschdref

09:00 **Bruch:** Laudes a Chrëschtmass op Meenung (M125).
Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

# Fest vun der Helleger Famill vun Nazaret C

Samschdeg, 28.12.24

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 1. Joermass fir Roger Laschette / fir Pierre Ledesch a fir d'Verstuerwen vun der Famill Ledesch-Thein / fir Jean a Colette Zimmer-Kellen.

Sonndeg, 29.12.24

09:00 **Äischen:** Gemeinschaftsmass als Stëftung fir Edouard an Irène Schmit-Fournel / Stëftung fir Léonie Wolff a Lucie Wolff.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / Stëftung zur Éier vun der helleger Famill, fir all Familljen aus der Par an déi vum Stëfter.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Par mat hiere Kierchen!*



Statuen vun der Helleger Famill an der Parkierch zu Bruch (Foto: J. Santer)

Méindeg, 30.12.24 **Méindeg an der Chrëschtoktav**

09:00 **Téinten:** Chrëschtmass op Meenung (M126).

Dënschdeg, 31.12.24 **Dënschdeg an der Chrëschtoktav**
(Hl. Poopst Silvester, + 335)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Danksagung fir d'Joer 2024.

# ANNO DOMINI 2025




## Héichfest vun der Gottesmamm Maria C

<u>Oktavdag vu Chrëschtdag</u>

<u>Mëttwoch, 01.01.25</u> <u>Neijoschdag / Weltfriddensdag</u>

18:30 **Bruch:** Festmass fir ee glécklecht neit Joer a fir de Fridden an der ganzer Welt.

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

<u>Donneschdeg, 02.01.25</u> Hl. Basilius de Groussen (+ 379) & <u>Hl. Gregor vu Nazianz (+ 389)</u>

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „am Park":** Mass op Meenung fir d'Bewunner.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

<u>Freideg, 03.01.25</u> Hl. Irmina vun Tréier (+ 710)
<u>Éischte Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)</u>

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op eng perséinlech Meenung (S).
Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).



# Héichfest Epiphanie C

**Erscheinung vun eiser Här (Dräikinnekssonndeg)**

## Bietdag an eiser Par

Samschdeg, 04.01.25

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir all Verstuerwen aus dem Joer 2024 / Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Victor-Adam a Victor-Pauly.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 20:00 Auer).

20:00 **Biissen:** Komplet (Nuetsgebiet vun der Kierch).

Sonndeg, 05.01.25

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (127).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch:** Kannermass op Meenung (128).

16:30 **Téinten:** Eucharistësch Ubiedung an der Stëllt.

17:30 **Téinten:** Bietstonn, besonnesch fir aktiv Memberen vum CGP, vum CCP an der Katecheesekipp.

18:30 **Téinten:** Sakramentsandacht zum Ofschloss vum Bietdag.

*Kollekt fir d'Ausbildung vu Geeschtlechen an de jonke Kierchen!*

Méindeg, 06.01.25 (Hll. Dräikinneken Kaspar, Melchior & Balthasar)

09:00 **Téinten:** Mass fir Sophie Fischbach.

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedungsowend.

Dënschdeg, 07.01.25 (Hl. Valentin, + 5. Jht;
Hl. Raimund vu Peñafort, + 1275)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op eng perséinlech Meenung (S).

Mëttwoch, 08.01.25 (Hl. Severin, + 482)

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 09.01.25

10:30 **Biissen/Seniorenresidez „Am Park":** Mass op Meenung (129).

18:30 **Bëschdref:** Mass fir Finny Cler-Tonnar a fir Annik Wiltgen-Cler / Stëftung fir Jean a Marie Gonderinger-Niedercorn a Famill.

Freideg, 10.01.25

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M1).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).



Dafsteen an der Nikloskierch zu Habscht.
Foto: Christophe Hubert / intranet.cathol.lu

# Fest vun der Daf vum Jesus C

**Leschten Dag vun der Chrëschtzäit**

Samschdeg, 11.01.25

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 1. Joermass fir Théo Wantz.

Sonndeg, 12.01.25

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass fir Jean an Anna Scholer-Schiltz a fir Erny Scholer.

10:00 **Bruch/Parzenter:** CATE 2 & CATE 3.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / 6. Wochemass fir Victor Betz.

11:45 **Bruch:** Kannermass op Meenung (130).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Affer fir de Finanzement vun eise Kierchen a vun eiser Par!*

Méindeg, 13.01.25 (Hl. Hilarius vu Poitiers, + 367)

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (131).

Dënschdeg, 14.01.25

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Jean-Claude Santer.

Mëttwoch, 15.01.25

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 16.01.25

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „am Park":** Mass op Meenung (132).

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

Freideg, 17.01.25 **Hl. Abt Antonius (+ 356)**

**Patréiner vun der Kierch vu Kaalmes**

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir d'Verstuerwen vun der Famill Santer-Liefgen a fir Abbé Paul Emeringer.

Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 18.01.25
09:00 **Bruch/Parzenter:** CATE-KO (Éischtkommiounskatechees).
14:30 **Bruch/Parzenter:** CATE-Bambini (Klengkannerkatechees).
14:30 **Bruch/Parzenter:** CATE-1.

## 2. Sonndeg am Joreskrees C

Samschdeg, 18.01.25
18:00 **Biissen:** Virowendmass fir déi liewend a verstuerwe Memberen vum Biisser Blummeveräin / Joermass fir Gertrud Haas-Biewer.

Sonndeg, 19.01.25
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (133).
10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.
11:45 **Bruch:** Familljemass op Meenung (M2).
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Affer fir de Finanzement vun eise Kierchen a vun eiser Par!*

# Ausruffung fir d'Sakrament vum Bestiednis

Folgend Chrëschten aus eiser Par wëlle sech kierchlech bestueden (d'Hochzäiten mussen – dem Kircherecht no – an däer Par publizéiert ginn, wou d'Brautleit wunnen):

1. BERG David Claude Joseph vu Dippech (Par Mess-Réibierg Ste-Famille) &
   COSSMANN Tania Gisèle Jeanne vun Habscht (Par Äischdall-Helpert St-Willibrord)
   D'Hochzäitsfeier ass e Samschdeg, den 25. Januar 2025 an der Parkierch Maria Immaculata zu Schuller (Par Mess-Réibierg Ste-Famille).

## Aus eiser Par:

- An eise Kierchen besteet dee schéine Brauch, dass d'Leit eng Afferkäerz kënne brenne loossen. Zanter Méint stelle mer a ville Kierche fest, dass d'Leit vergiessen, dass dës Käerzen vun eis mussen akaaft ginn. Well d'Suën am Afferstack den Akaafspräis nët méi decken, musse mer – schwéiren Häerzens – a munech Kierchen einstweil mat de Käerzen ophalen, fir nët musse Geld bäizeleeën.
- Et besteet dee flotte Brauch, Wunnengen oder Haiser aseenen ze loossen. Mellt Iech duerfir am Parsekretariat (Tel.: 20800260).
- Gäre komme mir bei déi Krank heem fir een Hausbesuch, oder och fir d'Krankekommioun, d'Krankesalbung oder d'Krankebeicht. Zéckt nët, bei eise Geeschtlechen oder am Parsekretariat no engem Rendez-Vous ze froën.
- Massintentiounen kënne bestallt ginn am Parsekretariat zu Bruch oder duerch Iwwerweisung op eise Massekont (LU31 1111 2577 0270 0000).

## Ee grousse Merci...

- eise Koschteren a Blummefraën a –männer, déi eis Kierche mat vill Goût an der Rei haalen an decoréieren, an dat bénévol;
- deene Fräiwëllegen, déi munech Kierchen (déi, déi keng automatesch Schliessanlag hunn) Dag fir Dag op- an zouspären a kucken, dass alles an der Rei ass;
- de Massendénger, déi mat Freed a Würd hieren Déngscht erfëllen;
- dem CGP (Conseil de la gestion paroissiale) mat de Kiercheréit, déi d'Immobilien an d'Finanzen vun eiser Par geréieren, a sech vill Gedanke maachen, fir dass eis Par och an deenen nächste Joren iwwerliewe kann;

- dem Pastoralrot, dee mat vill Äifer d'pastoral Aufgaben an eiser Par a sengen eenzelnen Uertschaften matdroën a gestalten an oft um Dill sinn;
- deene verschiddene Choralen, den Dirigenten an den Organisten fir déi schéi Massen an déi vill Prouwen, déi domadder verbonne sinn;
- den Dammen, déi d'Kierchewäsch mat vill Léift schéi propper an der Rei halen;
- de Lektoren, déi net fäerten, virun der Gemeinschaft ze liesen;
- eise Museken, déi drop halen, reliéis Feiere würdeg matzegestalten;
- alle Veräiner, déi äis oft hëllefen;
- der Katecheesekipp mat de Bénévolen, déi eis Kanner a Jugendlecher am Glawen hëllefen a begleeden a bei der Kannermass mathëllefen;
- deene villen Donateuren, déi äis finanziell hëllefen, eis Kierchen a Kapellen stänneg ze verschéineren an domat an der Rei ze halen;
- deene ville léiwe Leit, déi eis Kierchen esou schéi maachen fir Chrëschtdag (Beemercher, Krëppercher, Blummen, e.t.c. …);
- dem Abbé René Reuter, deen och a senger wuelverdéngter Pensioun a sengem Heemechtsduerf Äischen an an der Par aushëlleft;
- de Gemengenaarbechter, déi vill an a rondrëm eise Kierche schaffen;
- de Gemenge vu Biissen, Habscht, Helperknapp a Säll, ouni déi villes net méiglech wär;
- de Responsablen an de Bewunner vun der Seniorenresidenz „Am Park" zu Biissen fir déi flott a gutt Zesummenaarbecht mat der Par;
- deene Villen, déi sech bénévoll asetzen bei esou villen Déngschter an eise Kierchen an an eiser Par;
- deenen, déi eis hëllefen, zesummen eng Visioun fir eis Par ze entwéckelen an ëmzesetzen;
- deenen, déi hëllefen d'Idee vum Parzenter ze realiséieren;
- schlussendlech ee grousse Merci Iech all, déi Dir eis Gottesdéngschter besicht an äis moralesch an am Gebied ënnerstëtzt. Zesummen si mer Kierch!

# Berufen zum Zeugnis

Stephanus hat gezeigt, wofür er einsteht,
gezeigt, woran er glaubt, worauf er hofft;
er hat den offenen Himmel gesehen und
für die gebetet, die ihn gesteinigt haben.
Echter Glaube kann sich nicht verstecken,
er wird sichtbar, hörbar, spürbar
in der Begegnung von Mensch zu Mensch,
im aufrichtigen Umgang miteinander.
Lebendiger Glaube erweist sich
im Dasein für andere,
im Wagnis der Ohnmacht der Liebe und
in der Torheit von Kreuz und Verachtung.
Auch du bist berufen,
wie Stephanus mutig und stark,
aber auch schwach und ohnmächtig,
Christus zu folgen und um Versöhnung zu beten.

Text: Paul Weismantel / pfarrbriefservice.de

**Neue Internetseite informiert über das Heilige Jahr 2025**
Das Motto heißt „Pilger der Hoffnung"

Das Jahr 2025 ist für die katholische Kirche ein Heiliges Jahr, für das Papst Franziskus das Motto „Pilger der Hoffnung" verkündet hat. Ein solches sogenanntes ordentliches Heiliges Jahr (oder auch „Jubeljahr") findet alle 25 Jahre statt. Aus aller Welt werden Katholikinnen und Katholiken nach Rom pilgern, die Stadt rechnet mit rund 45 Millionen Besuchern. Die Deutsche Bischofskonferenz informiert auf der Internetseite www.heiligesjahr2025.de über das

Heilige Jahr – unter anderem mit Gebetsanregungen, Informationen zur Wallfahrt nach Rom und einem Glossar sowie Hinweisen zum Logo des Heiligen Jahres und weiteren Hintergründen.

Weihbischof Rolf Lohmann (Münster), Beauftragter der Deutschen Bischofskonferenz für das Heilige Jahr 2025, koordiniert bundesweit die inhaltlichen und organisatorischen Fragen, die mit dem Heiligen Jahr verbunden sind. In einem Brief an die katholischen Kirchengemeinden in Deutschland schreibt er: „Papst Franziskus wählte das Leitwort ‚Pilger der Hoffnung' aber nicht nur, weil Pilgern im Trend ist. Das Pilgern kennzeichnet die Kirche selbst." Derzeit befinde sich die Kirche auf einem weltweiten, sich über mehrere Jahre erstreckenden synodalen Weg, auf dem Papst Franziskus die Kirche zu verschiedenen Punkten befrage. „Es gilt, mit dem ganzen Volk Gottes und im Hören auf alle Menschen guten Willens nach Wegen zu suchen, vom Grund unserer Hoffnung zu sprechen. In diesem Prozess ist weltweit und in Deutschland viel Neues entdeckt worden. Ich sehe im Zugehen auf das Heilige Jahr die große Chance, dass wir alle gemeinsam die Anliegen der weltweiten Synode und des Synodalen Weges betend nach Rom tragen", so Lohmann.

**Das Beten neu lernen**

Papst Franziskus lade zur Vorbereitung auf das Heilige Jahr ein, „die Texte des Zweiten Vatikanischen Konzils ‚neu' zu entdecken und in eine ‚Schule des Betens' einzusteigen. Gemeinsam wollen wir im Jahr 2024 die Praxis des individuellen und gemeinschaftlichen Gebets entdecken und vertiefen". Daher finden sich auch auf der Internetseite zum Heiligen Jahr Anregungen zum Beten, die fortlaufend erweitert werden. Der Vatikan wird am 9. Mai 2024 die Eröffnungsbulle von Papst Franziskus zum Heiligen Jahr veröffentlichen. Dieses offizielle Dokument wird Details zum genauen Ablauf des Jubeljahres enthalten.

Neben dem Brief von Weihbischof Rolf Lohmann ist über die Internetseite www.heiligesjahr2025.de auch die offizielle deutsche Version der Hymne des Heiligen Jahres verfügbar. Der italienische Originaltext wurde ins Deutsche übertragen und für einen Notensatz in Chor- und Solofassung aufbereitet.

*Pressemitteilung DBK, In: Pfarrbriefservice.de*

# Agenda 2025

Dës Agenda ass bei wäitem nët perfekt a stellt och nët den Usproch, perfekt ze sinn. Vill Informatiounen an Donneeën sinn einfach nët bei äis ukomm. Duerfir, sech w.e.g. nët opreegen, mä wann nach Saache feehlen, dës w.e.g. am Parbüro eraginn, fir dass eis Agenda sou gudd wéi méiglech gët.

| | |
|---|---|
| 05.01. | Epiphanie: Bietdag vun eiser Par Äischdall-Helpert. |
| 17.01. | Hl. Antonius den Einsiedler, Patréiner vun der Kierch vu Kaalmes. |
| 20.01. | Hl. Sebastian, Niewepatréiner vun der Kierch vu Simmer. |
| 02.02. | Fest vun der Duerstellung vum Jesus (Liichtmessdag). |
| 14.02. | Hl. Valentin vun Terni, Niewepatréiner vun der Kierch vu Béiwen/ Atert. |
| 23.02. | Hl. Celsus, Niewepatréiner vun der Parkierch vu Bruch. |
| 24.02. | Fest vum hl. Apostel Matthias, Haaptpatréiner vun eiser Parkierch zu Bruch & Niewepatréiner vun der Kierch vun Äischen. |
| 01.03. | Hl. Albinus, Niewepatréiner vun der Parkierch vu Bruch. |
| 02.03. | Niewepatronatsfest zu Äischen (Kleng Kiermes). |
| 05.03. | Äschermëttwoch |
| 19.03. | Héichfest vum hellge Jousef. |
| 13.04. | Pällemsonndeg. |
| 17.04. | Gréngendonneschdeg. |
| 18.04. | Karfreideg. |
| 19.04. | Karsamschdeg / Ouschternuecht. |
| 20.04. | Ouschtersonndeg |
| 05.05. | Kierchweifest zu Sëll |
| 10.05. | Ufank vun der Muttergottesoktav 2025. |
| 15.05. | Pilgerdag vun eiser Par an d’Oktav. |
| 17.05. | Héichfest vun der Consolatrix Afflictorum, eiser Landespatréinesch. |
| 25.05. | Schlussoktavsonndeg |
| 29.05. | Héichfest Christi-Himmelfaart. |
| 08.06. | Päischtsonndeg |


| | |
|---|---|
| 09.06. | Päischtméindeg a Willibrordusfeier um Helperknapp. |
| 10.06. | Sprangprëssessioun zu Iechternach. |
| 15.06. | Dräifaltegkeetssonndeg & Kiermes zu Biissen. |
| 17.06. | Kierchweifest zu Béiwen/Atert, Bruch & Téinten. |
| 20.06. | Kierchweifest zu Habscht. |
| 22.06. | Härläichendag. |
| 23.06. | Nationalfeierdag / Kierchweifest zu Biissen |
| 24.06. | Héichfest vun der Gebuert vum hl. Johannes den Deefer, Haaptpatréiner vun der Kierch vu Bëschdref & Patréiner vun der Kapell um Helperknapp. |
| 27.06. | Häerz-Jesu-Fest. |
| 29.06. | Héichfest vun den Apostelfürsten Péitrus a Paulus, Haapt-Patréiner vun der Kierch vun Téinten & Kleng Kiermes zu Téinten / Kiermes zu Bëschdref. |
| 30.06. | Hl. Donatus, Patréiner vun der Kierch vu Rued/Äisch & Niewepatréiner vun der Kierch vun Habscht. |
| 01.07. | 25. Joresdag vun der Priesterwei vum Här Paschtouer. |
| 13.07. | Kiermes zu Habscht. |
| 20.07. | Kiermes zu Rued/Äisch. |
| 23.07. | Kierchweifest zu Äischen |
| 27.07. | Kleng Kiermes zu Säll (fréier Anekiermes). |
| 01.08. | Petri Ketten, Haaptpatréiner vun der Kierch zu Äischen. |
| 03.08. | Kiermes zu Äischen. |
| 10.08. | Hl. Laurentius, Niewepatréiner vun der Kierch vu Biissen. |
| 15.08. | Héichfest Mariä-Himmelfaahrt, Titelfest vun der Kierch vu Säll. |
| 16.08. | Hl. Rochus, Niewepatréiner vun der Kierch vu Simmer. |
| 17.08. | Kiermes zu Simmer. |
| 24.08. | Kierchweifest zu Simmer. |
| 08.09. | Fest vun der Gebuert vu Maria, Haaptpatréinesch vun der Kierch vu Béiwen/Atert.& Kiermes |
| 14.09. | Fest Kräizerhéichung, Titelfest vun der Kapell um Biisser Wobierg & Kiermes zu Béiwen/Atert. |

| | |
|---|---|
| 15.09. | Mater Dolorosa, Patréinesch vun der Renterter Kapell (Äischen). |
| 20.09. | Pilgermass zur Éier vun der Mater Dolorosa zu Äischen. |
| 28.09. | Kiermes zu Téinen. |
| 03.10. | Rouchidag zu Biissen. |
| 05.10. | Kiermes zu Sëll. |
| 01.11. | Allerhellgen. |
| 02.11. | Allerséilen. |
| 03.11. | Hl. Hubertus, Patréiner vu Sëll. |
| 07.11. | Fest vum hl. Willibrord, 2. Landespatréiner a Schutzpatréiner vun eiser Par Äischdall-Helpert. |
| 11.11. | Hl. Martin, Haaptpatréiner vun der Kierch vu Simmer |
| 16.11. | Kiermes zu Bruch. |
| 23.11. | Christkinnekssonndeg. |
| 24.11. | Hl. Katharina, Niewepatréinesch vun der Kierch zu Bëschdref. |
| 30.11. | Éischten Advent. |
| 04.12. | Hl. Barbara, Niewepatréinesch vun der Kierch vu Bësch-dref. |
| 06.12. | Hl. Nikloos, Haaptpatréiner vun der Kierch vun Habscht & Niewepatréiner vun der Kierch vu Bëschdref. |
| 08.12. | Héichfest vun der Immaculata. |
| 17.12. | Gedenkdag vun der Yolanda vu Veianen, Priorin vum Klouschter Märjendall, 2. Patréinesch vun eiser Par Äischdall-Helpert. |
| 24.12. | Hellger Owend. |
| 25.12. | Chrëschtdag. |
| 26.12. | Fest vum hl. Stephanus, Haaptpatréiner vun der Kierch zu Biissen. |
| 27.12. | Hl. Johannes den Evangelist, Niewepatréiner vun der Kierch vu Bëschdref. |
| 31.12. | Sylvester. |

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# https://cathol.lu/aischdall-helpert

**Op eiser Homepage fannt Dir ëmmer déi aktuellst Neiegkeeten aus eiser Par!**



Par Äischdall-Helpert St-Willibrord






SOPINOR CONSTRUCTIONS SA

CAP Construction
Art et Pavés · Groupe SOPINOR

SOPI THERME
CHAUFFAGE / SANITAIRE / VENTILATION

SOPI FAÇADES
FAÇADES / PARACHÈVEMENT

**Conception et maîtrise de votre projet,**
**construction et rénovation,**
**clefs en main!**

L'entreprise SOPICONCEPT SA, entreprise luxembourgeoise, dynamique qui tient sa force de sa pluri discipline dans les différents travaux qu'elle a à sa charge.

Depuis la création de l'entreprise en 2015, nous collaborons sur des travaux d'envergure et de typologies diverses alliant le savoir-faire interne au groupe SOPINOR, et de toutes les sociétés du groupe avec qui nous maîtrisons 70 % des travaux en interne.

Ensemble, au travers d'un parc matériel important (camions, camionnettes, chargeur etc…), de la présence de près de 500 collaborateurs riches en expériences allant du terrassement aux finitions et aux divers travaux de gros œuvres

SOPI CONCEPT
CONSTRUCTION / RENOVATION

info@sopiconcept.lu / Tel: +352 26.57.80-1
70 , Z.I. Um Monkeler L-4149 Schifflange

**www.sopiconcept.lu**


El Payador

RESTAURANT
SUDAMERICANO

2, rte. de Finsterthal
L-7769 Bissen

Tel: 26885135
Fax: 26887235

www.elpayador.lu - info@elpayador.lu



*Restaurant-Brasserie*
*Am Hennesbau*
*15 c rue de la Fail*
*L-9175 Niederfeulen*
Tel.: 26 90 45 77 ou
info@deklautjen.lu

# Hélène Grober

Depuis 30 ans déjà !

Agence immobilière s.à r.l.

www.immo-grober.lu - Tél.: 40 97 90

**ACHAT - VENTE - LOCATION - PROMOTION - CONSTRUCTION**

**NOUVELLES CONSTRUCTIONS A MOESTROFF ET EISCHEN**



MOESTROFF - Rue de l'église, reste 2 maisons en vente



EISCHEN – Rue Bourg, reste 1 appartement

**Mir sichen och Terrain'en, Appartementer an Haiser (al oder rezent) fir direkt ze kafen. Ouni Käschte fir de Verkeefer.**

**Tél.: 40 97 90**

**Autres projets en vente ou à venir* :**

**BELVAUX (6 maisons) – EISCHEN* (Appartements)**
**LEUDELANGE* (2 maisons) – HAGEN* (2 maisons)**

… et beaucoup d'autres objets en vente ou en location à découvrir sur www.immo-grober.lu

SERVICE RAPIDE ET SOIGNE | DEPUIS 1992 ANS A L'ECOUTE DU CLIENT


Wagner
pompes funèbres
Tél : 32 92 27 (24/24)
45, rue Principale
L-7595 Reckange/Mersch
pfwagner@pt.lu
Au service des défunts et de leurs familles en deuil
24/24 heures pendant toute l'année
• Grande et nouvelle exposition permanente de cercueils et d'urnes en toutes catégories de prix
• Mise en bière des défunts en toute dignité et en respect de la famille et des alliés
• Réalisation de toutes démarches et formalités administratives et techniques
• Transports nationaux et internationaux
• Incinération sans adhérence à une société
• Fleurs et accessoires